N°2467
Entrée le 16.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Laut der Äntwert vum Sportminister an dem Finanzminister vum 23. Mee 2025 ass déi gesetzlech Basis fir déi finanziell Ënnerstëtzung vum Staat un de Gemengesecteur beim Astellen vun engem Sportskoordinator am Artikel 9 vum ofgeännerte Sportsgesetz vum 3. August 2005 verankert: „ *Avec des fonds déterminés annuellement par la loi budgétaire, l'Etat accorde des aides financières pour les activités sportives, pour l'encadrement technique, ainsi que pour l'administration du sport* ».

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn d'Ministeren der Meenung, dass dëst konform ass mam Artikel 117 vun der Verfassung, dee Follgendes festhält : „ *4) Toute charge grevant le budget de l'État pour plus d'un exercice doit être établie par une loi spéciale* »?

2. Sinn d'Ministeren der Meenung, dass dëst konform ass mat den Ausleeunge vum Arrêt n° 177/23 vum 3. Mäerz 2023 vum Verfassungsgeriicht, dat Follgendes zu de sougenannten „ matière réservée“ zréckbehalen huet:
«La fixation des objectifs des mesures d'exécution doit être clairement énoncée, de même que les conditions auxquelles elles sont, le cas échéant, soumises. L'orientation et l'encadrement du pouvoir exécutif doivent, en tout état de cause, être consistants, précis et lisibles, l'essentiel des dispositions afférentes étant appelé à figurer dans la loi ».

3. Gedenkt d'Regierung, am Sënn vun der Rechtssécherheet, hei nozebessere fir déi entspriechend néideg Bestëmmungen an engem Gesetzestext ze verankeren, esou wéi dat och am Naturpakt, am Klimapakt an am Pakt vum Zesummeliewen de Fall ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

www.piraten.lu